

RTL carte blanche économique du 16.09.2009

(ACA)

**Déi wirtschaftlech an sozial Roll vun der Assurance:  
historeschen Réckbléck (1)**

Sonndes den 2. September 1666 géint 1 Auer muergens sin an der Pudding Lane zu London beim Bäcker Farynec Fonken aus dem Backuewen op d'Dachgesperr iwergesprongen.

Um 3 Auer muergens stét ganz Strooss a Flâmen an de Buergermeeschter vu London kënnt op d'Plâz.

Tëschent 8 Auer muergens an 1 Auer mëttes verbrennt d'London Bridge an d'Feier greift iwer op den Stadtzentrum, an op d'Entrepôts lanscht d'Themse, an Méindes gin aus ganz London d'Awunner évaquéiert.

Et ass eréischt de Sonnden drop wou bei staarkem Rén d'Feier gelöscht kann gin.

An 7 Dég an 7 Nuechten huet dëst gigantesch Feier 13.200 Heiser an 87 Kiirchen zerstéiert, dorënner St. Paul's Cathedral.

Um économeschen Plang hât dës Katastrophe allerdéngs och positiv Retombées.

Vun dém Joer un, ass grouse Wert op Feuerpräventioun geluet gin: d'Stroossen sin verbrédert gin, d'Holzconstructiounen sin discouragéiert an d'Schachteschbotzen ass obligatoresch gin.

An dann sin an ganz Groussbritannien Assurancen Mutuellen gegrénnt gin fir sech géint d'Feier finanziell ofzesécheren.

Et ass domatt fir d'éischt datt eng Gemeinschaft op dës Manéier hirt finanziellt Schicksal selwer an d'Hand hëllt.

Bis dohin huet wuelgemierkt de System vun den Assurancen scho bestân, huet sech allerdéngs am angelsächeschen Raum op d'Schëffsversécherung beschränkt an am kontinentalen, alpine Raum, an der Schweiz an an Deitschland, a méi wäit eweg an Japan, op en solidarescht Ofsécheren vum Véiverloscht.

Virun dëser Zeit sin et och schon éischt Usätz vun Assurances gin, wéi am Talmud vu Babylon an am Mëttelalter am Kontext vun den Handwierkergilden, déi am Stierffall vun engem vun hiren Memberen der Famill eng Entschiedegung bezuehlt hun.

Dës Initiativen sin awer während Joerzénge duerch d'Kiirch boycottéiert gin.

Esou zum Beispill ass et virun der Erfindung vum Blitzableiter keng Protectioun géint de Blëtz gin an et war dofir de Paschtouer déi de Blëtz bei engem Donnerwieder exorciséiert huet, d'lutherianesch Sängerknaben hun Kantiken gesongen an de Koschter huet d'Klacken gelaut fir op dës Manéier de Gotteszorn a Grenzen ze hâlen.

Hebei sin natierlech eng Rei Glöckner ëm d'Liewen komm well de Blëtz mat Prédilectioun an d'Klacken ageschlou huet.

Dofir ass dann och nodém de Benjamin Franklin Gesetzer vun der Electricitéit erklärt huet, Klackenlauden während engem Donnerwieder verbueden gin an zeitgleich domadder huet eng Laïcisatioun an de Käpp statt fonnt, déi op méi immédiat wéi op déi transzendental Sëcherhét gesât huet.

Haut, an besonnesch och an Krisenzeiten ass de Mutualitéits – an de Solidaritéitsgedanken en onverzichtbaren Luxus gin, och wann an engem Land wéi Amerika de Präsident nach muss mat den Ielebéi Iwerzégungsarbecht léschten fir 50 Mio US-Bierger eng Krankeversëcherung ze erméiglechen.